

Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen) et Aly Jaerling;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo erëm zu de Propositions de loi. Do hu mer fir d'éischt d'Presentatioun vun der Proposition de loi 5106 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Virnimm vun de Kanner. Et si schonn agedroen: d'Madame Err, d'Madame Durdu an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

5. 5106 - Proposition de loi relative aux pré-noms des enfants

Présentation

M. Laurent Mosar (CSV), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn de Moment an der zoustänneger Commission juridique amgaangen de Projet de loi iwwert den Numm vun de Kanner ze diskutéieren, deem och entre-temps vum Statsrot aviséiert ass, wat e ganz wichtige Projet ass. Ech wollt an deem Kontext eng Proposition de loi déposer iwwert d'Virnimm vun de Kanner, eng Proposition de loi, déi ech dann als Complément zum Projet de loi iwwert den Numm vun de Kanner gesinn.

Wat gesäit déi Proposition de loi elo vir, déi ech déposiert hunn? Déi huet u sech dräi Voleten.

Deen éischte Volet geet ëm de fräie Choix vun den Elteren, fir hirem Kand oder hire Kanner deem Numm ze ginn, dee si sech erausgesicht hunn, ausser bien entendu, datt dese Virnumm géint déi öffentlech Uerdnung géif verstoussen.

Bis elo ass et jo esou, datt et e ganz uraalt Gesetz ass vum 11. respektiv 12. Germinal Joer XI, wat u sech déi ganz Virnimmsdispositioun regelt, an déi Dispositioun gesäit dann och vir, datt den Officier de l'État civil just dierf Nimm akzeptéieren, déi an de Kalennere stinn, oder Nimm vu geschichtleche Personnagen, wat och an der Praxis dozou féiert, dass all Officier de l'État civil a sengem Büro eng Rei déck Bicher leien huet, wou en dann ëmmer erëm nosiche geet, ob dee Virnumm, deem d'Eltere fir hir Kanner ausgeswilt hunn, och an engem vun deenen décke Bicher steet. Dat féiert dann heiands zu relativ cocassé Situatiounen.

Just fir lech do ee Beispill ze ginn. An engem Office de l'État civil hu sech eng Kéier Eltere presentéiert, déi hiert Kand wollten Anastasia mat engem S nennen, an et steet awer am offizielle Buch mat zwee S. Du war dat eng ganz komplizéiert Prozedur, fir schlussendlech dem Kand den Numm vum Anastasia mat engem S ze ginn, an déi Elteren hate ganz vill Problemer, fir dat duerchsetzen. Och wann haut déi administrativ Praxis vun deene Virnimm vill méi large gehandhabt gëtt, ass et dach esou, datt déi Législatioun, no där mer nach ëmmer verfuere, längstens net méi zäitgeméis ass, och besonnesch wann ee se vergläicht mat anere Législatiounen, besonnesch vun eisen Nopeschlänner.

Dobäi kënnt, datt mir jo ganz besonnesch hei an eisem Land eng

multikulturell a cosmopolite Gesellschaft hunn, an datt sech natierlech och bei ganz ville vun eisen auslännesche Matbierger d'Identifikatioun par rapport zu hirer Ursprungsnationalitéit, awer och par rapport zu hirer Geschichte, hirer Kultur, oder hirer Konfessioun iwwert de Virnumm mécht, an dofir ass et och wichtig, datt een deene Leit d'Méiglechkeet gëtt hire Kanner deem Numm ze ginn, dee se fir gutt befannen.

Dofir gesäit meng Proposition de loi vir, datt an Zukunft d'Eltere kënnen déi Nimm eraussichen, déi se fir gutt befannen. Eenzeg Limite, déi ech proposéieren, natierlech dierfen déi Virnimm net géint den Ordre public verstoussen.

Zweete Volet, deem ech virschloen, ass, datt géint déi Décisioun, am Fall wou déi Décisioun vum Officier de l'État civil negativ war, do Recoursmëiglechkeete festgeschriwwen ginn. Ech hu virgeschloen a menger Proposition de loi, datt fir d'éischt e Recours gracieux kënnt beim Justizminister gemaach ginn, an duerno dann eventuell och déi zoustänneg administrativ Juridictione befaasst ginn. Ech hunn awer gesinn, datt an der Prise de position vun der Regierung d'Préferenz besteet, fir weider dese Volet bei den zivile Gerichtsbarkeeten ze beloussen. Ech hunn och kee Problem, wann een dat da géif bei den zivile Gerichtsbarkeete loossen.

Leschte Volet ass ee wat u sech e relativ trauregen ass, fir ganz vill vun eise Matbierger. Hei geet et nämlech ëm d'Problematik vun deenen dout gebuerene Kanner, respektiv vun deene Kanner, déi kuerz virun der Gebuert stierwen. Do ass am Moment leider Gottes d'Situatioun déi, datt esouguer déi Kanner emol net kënnen en Acte de naissance kréien, a bien entendu emol net d'Urecht op e Virnumm hunn.

Dës ass eng Situatioun, déi fir déi concernéiert Elteren dramatesch ass an déi och net onbedéngt zu enger gesonder Trauerbewältigung bäidréit. De Projet de loi iwwert den Numm vun de Kanner gesäit do och eng Rei vun Dispositiounen vir, déi justement dës Problematik behandelen. U sech geet meng Proposition an déiselwecht Richtung; dat eenzegt wat bei mir och nach derbäikënn, datt ass, dass ech eben d'Méiglechkeet virgesinn, datt och déi Kanner awer solle kënnen e Virnumm kréien.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech lech natierlech bieden dës Proposition de loi ze ënnerstëtzen an ech sinn och scho ganz frou, datt d'Regierung a sech se favorabel aviséiert huet.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

Discussion

Mme Lydie Err (LSAP).- D'Regierung huet, Dir Dammen an Dir Hären, wéi den Här Mosar seet, dee Projet oder déi Proposition hei favorabel aviséiert. Et muss een dann awer och éierlechkeetshallwer derbäi soen, dass dat nëmmen deelweis de Fall ass. Ech perséinlech hu mat grousssem Virwëtz déi Proposition do gelies a wéi ech fäerdeg war, hunn ech gesot: Et wier vläicht besser gewiescht, et war eng Schëpp nogeluecht gi bei der Emännerung oder bei der Opmaachung vun de Méiglechkeete vum Familljennumm wéi iwwert de Virnumm hei ze schwätzen, besonnesch aus e puer Ursachen eraus.

Éischstens kann een de Moment och schonn de Virnumm änneren ouni allze vill grouss Schwierigkeiten. Allerdéngs ass d'Prozedur fir de Virnumm ze änneren relativ opwändeg. Ech mengen, dass de Parquet gefrot gëtt, de Statsrot gëtt gefrot, da geet et op de Ministère hannescht, an normalerweis muss ee motivéieren, firwat een de Virnumm änneren wëllt.

Ech kann lech ee Beispill soen. Et ass e Reglement erauskomm, ech weess net méi, uganks der 80er oder der 90er Joren, mengen ech, wou gesot ginn ass, déi Leit, déi am Krich gebuere sinn, an déi net deem Numm konnte kréien, deem d'Eltere wollten, well en ze vill franséisch geklongen huet, déi konnten op Ufro vum Officier de l'État civil hire Virnumm an déi franséisch Versioun ëmännere loossen.

Do ass et gaangen, an ech denken och, dass et wierklech méi wichtig gewiescht wär, fir d'Emännerung vum Virnumm iwwer méi eng einfach Prozedur lafen ze loossen, wéi elo hei virzegesinn, dass ee kënnt e Recours maache bei der Umeldung vun engem Numm, deem net genehm wier, an dass de Recours, wann e beim Minister net géif duerchgoen, misst iwwert déi administrativ Gerichtsbarkeete lafen. Den Numm ass eng Question d'État, wéi och d'Regierung gesot huet, a wann et e Recours gëtt, kann en nëmmen um Civil lafen.

Ech denken awer, dass dat e groussen Opwand ass fir eppes, wat Somme toute net misst en neit Gesetz kréien, mä einfach eng nei Prozedur, fir dass d'Emännerung an enger Interventioun respektiv engem Brëif beim Officier de l'État civil misst kënnen duergoen. Iwwregens ass dat och schonn am Frankräich de Fall, wat de Beweis ass, dass op jidde Fall kee Plagiat vun enger Nopeschgesetzgebung virläit, jiddefalls net wat déi franséisch Gesetzgebung ubelaangt.

Ee Virdeel fannen ech an deser Proposition de loi an dat ass zwar deem aus sentimentale Grënn fir d'Kanner, déi dout op d'Welt kommen oder ganz fréi stierwen, dass déi och kënnen e Virnumm kréien. Ech ka mer virstellen, dass et wichtig ass fir d'Verschaffe vum Verléiere vun engem Kand, kënnen en Numm op dat Kand ze setzen, deem och offiziell iergendwou festgehalten ass. Dat fannen ech e Virdeel par rapport zu der Gesetzgebung.

Ech fannen awer, dass aner Präzisiounen, déi an der Proposition dra sinn, wierklech och net ganz sënnavoll sinn. Wann den Här Mosar seet, de Choix muss opgemaach gi vun der Méiglechkeet vun de Virnimm, da kann ech mech nëmme wonneren, well ech kenne Leit, déi hunn déi onméiglechsten Nimm an déi sinn hei zu Lëtzebuerg agedroe ginn, sou dass déi Uwendung vun deem Text, deem hei vläicht zu Recht kritiséiert gëtt, awer méi labber ass, wéi dat den Uschäin huet. Beispillsweis gëtt zu Lëtzebuerg en Numm wéi Immaculata ouni Problem agedroen, gëtt och genannt an esou weider. Och do kënnt ee sech froen, net ob et contraire à l'ordre public ass, wat dem Här Mosar seng Proposition verbitt, mä ob et conforme au bon sens ass fir engem klenge Meedchen, dat op d'Welt kënnt, esou en Numm ze ginn.

Ech denken och un, wat hei drasteet, dass de Choix vum Numm net dierf contraire sinn zum Intérêt vum Kand. Wa mer wësse wat fir eng Diskussiounen iwwert d'Notioun oder iwwert de Begrëff vum Intérêt vum Kand dat op wichtige Problematike stellt, dass kee Mënsch genau weess, wat dat ass, froen ech mech, firwat mer eis an deser Matière nach géifen eng siche goen a soen eng nei Gesetzgebung géng erschwéiert ginn duuerjer, dass och nach misst all Kéiers gekuckt ginn, ob oder ob net den Intérêt vum Kand bei dem Vergi vun deem Numm do net violéiert ginn ass. Dat ass e bëssen en ellent Wuert, mä Dir verstitt, wat ech mengen.

Dofir also am Kloertext nach eng Kéier, fannen ech, dass déi heiten Iddi keng ganz gutt ass, dass wann een op deem Niveau eppes

hätt wëlle maachen, hätten ee sollen eppes un der Prozedur änneren, fir de Virnumm ze änneren, dass den Intérêt vum Kand e wichtige Begrëff ass, mä en onkamouden an dass et onnéideg ass an deem Kontext dat eranzebréngen.

Drëttens, dass wann et e Recours gëtt, dat menger Meinung no kee Recours ka ginn op den administrative Gerichtsbarkeeten, mä op den zivile Gerichtsbarkeeten an dass een da Somme toute vill besser gehat hätten sech ëm den Numm tout court vun de Kanner ze këmmere wéi ëm de Virnumm.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Projet de loi kann ech mech ganz kuerz halen, well ech am Numm och vu menger Fraktioun ka soen, dass mir dës Proposition de loi matdroen.

Ech ginn den Observatiounen vun der Regierung Recht, andeems datt se seet, et ass éischter e Recours civil, wann do Recoursmëglechkeete geschaaft ginn, wéi elo op dem Tribunal administratif.

Ech wëllt nach just ee Bedenke mat op de Wee ginn: Ech sinn absolut frou iwwert den éischten Artikel, den éischten Alinea, well wann ee konfrontéiert ass mat Elteren, déi e Kand verluer hunn, a si konnten deem keen Numm ginn, dat ass ganz schlëmm. Dat ass eng schlëmm Erfahrung fir déi Elteren, mä nach géif ech mengen, froen ech mech, ob een do awer net eng bestëmmte Limite vun der Durée soll aféieren, datt ee seet, Kanner ab fënnef, sechs, siwen, aacht, néng Méint, quitte datt een dat a Wochen normalerweis ausdréckt, mä datt een do vläicht déi eng oder aner Limite abréngt.

Mä fir de Rescht muss ech soen, droen ech an dréit meng Fraktioun dës Proposition de loi a wa se dann aviséiert gëtt vum Statsrot, wäerte mer kucken esou séier wéi méiglech e Gesetz aus deser Proposition de loi ze maachen.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Mosar huet eng gutt Proposition de loi eraginn, déi e reelle Problem duerstellt fir munch Leit. D'Iddi selwer fir de Virnumm fräizeginn, ouni datt ee muss dausende vun Nimm kontrolléiere loossen, ob se en règle sinn, ob se bestinn iergendwou oder net, ass eppes, wat fir much Gemengen net méi tragbar ass an dofir ass dat heiten eng gutt Proposition de loi.

D'Iddi fir de Kanner, déi dout gebuere sinn, kënnen en Numm ze ginn, ass och eng Iddi, déi mer approuvéieren. Ob et elo d'Zivilgerichter solle sinn oder déi administrativ Gerichter, déi sollen decidéieren, ech géing mengen, datt de Recours beim administrative Gericht dee wier, datt de Ministère d'avocat bei der éischter Instanz net gefuerdert ass, sou datt dat géing fir munch Bierger e bësse méi bëlleg ginn. Et muss een eventuell natierlech och kucken, ob een net einfach duerch eng Décisioun vum President vum Tribunal och kënnt eng Décisioun erbaiféieren, wa Contestatiounen do wäeren. Mä insgesamt gëtt d'ADR-Fraktioun deser Proposition de loi en Avis favorable.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRENG).- Merci, Här President. Och déi Gréng kënnen mat der Richtung vun deser Proposition de loi averstane sinn, och wa sech vläicht um Niveau vun der Prozedur Divergenzen erginn, sou wéi se elo virdu vun der Madame Err hei duergeluecht goufen.

Déi Proposition de loi deelt sech op an zwee Voleten. Dat éischt ass d'Fro vum Choix vum Virnumm, deem et jo haut net gëtt, a wou mir eis als Gréng och dofir ausschwatze fir op en neie Wee ze goen, deem och an anere Länner jo scho begaange gëtt, fir dass de Stat sech am Fong do aus deene perséinlechen an individuellen Entscheedungen, déi am Privatliwen, an deem Fall dann ebe vun den Eltere par rapport zu hirem Kand, geholl ginn, net méi soll esou améschen, wéi dat bis elo de Fall ass.

Den Auteur vun der Proposition de loi huet jo och an deem Kontext nach den Artikel 8 vun der Mënscherechtskonventioun invoquéiert, déi ebe vum Recht op e Privatliewe schwätzt. Interessant ass, dass dat hei de Fall ass, dass déi Mënscherechtskonventioun hei ugeschwat gëtt. Mir wäerten haut de Mëtten nach op eng aner Proposition de loi ze schwätze kommen, wou et och ëm de Schutz vum Privatliewe geet. Ech si gespannt, wéi sech déi aner Leit heibanne wäerten dozou positionéieren, an zwar ass dat déi, déi och um Ordre du jour steet iwwert d'Adoptioun.

Ech kommen awer erëm zrëck op déi heite Proposition. Den zweeten, vill méi delikate Volet, deem och mat ganz villen Tabue beluecht ass, datt ass dee vun der Méiglechkeet fir dout gebuerene Kanner e Virnumm ze ginn. Et geet hei ëm e vläicht symboleschen, mä awer dofir net manner wichtigen Aspekt vum Deuil bei engem Décès périnatal, deem net nëmmen déi betreffen Elteren trifft, mä och den Entourage an och zum Beispill d'Geschwëster vun deem Kand. Dat ass wierklech en Thema wou ech denken, dass mer sollten als Parlament d'Wichtigkeet dovunner unerkennen an eppes ënnerrhuelen.

Eng ähnlech Problematik wéi déi vum Virnumm, déi zwar hei net ugeschwat gëtt well se och vläicht iwwert deem dote Kontext elo erausgeet, datt ass déi vum Recht op e Begrëfnis vun deene Kanner. Zu Lëtzebuerg, wa meng Informatiounen stëmmen, ass e Bëbee eréischt eng juristeschen Persoun nom 180. Dag vun der Schwangerschaft. Wann en duerno stierft, da gëtt am État civil enregistriert e wär „présenté sans vie“, wann e virdu stierft, da gëtt seng Existenz guer net notéiert, an duerfir hunn d'Kanner, déi virum sechste Schwangerschaftsmount stierwen, kee Recht op e Begrëfnis.

Hir Kierperen - an dat ass fir d'Eltere wierklech extrem schlëmm - ginn dann eigentlech am Prinzip an de Klinike wéi Déchets hospitaliers eliminéiert. Dat ass wierklech eng Situatioun, déi onerdreeglech fir déi betraffe Familljen ass. Eng Rei vu Kliniken hunn duerfir och speziell Begrëfnisplazen op hiren Terrainen agericht, mä déi legal Situatioun ass eigentlech net an deem Sënn geregelt. An anere Länner kënnen d'Eltere welen ob se e Begrëfnis fir hirt Kand wëllen hunn, oder awer d'Limite légale fir kënnen ze begruewe läit net esou spët wéi bei eis.

Dir Dammen an Dir Hären, ob et elo ëm den Numm geet oder ëm d'Begrëfnis, et geet a béide Fäll drëm, deem Kand eng Identitéit ze ginn an esou den Trauerprozess fir d'Elteren a fir d'Famill méi akzeptabel ze maachen. An ech wëllt do d'Conseillère conjugale Josiane Nilles-Medinger zitéieren, déi an engem Buch, wat virun engem oder zwee Joer erauskomm ass, vun enger Rei vu betraffenen Elteren, ënnert dem Titel „Eidel Äerm“, gesot huet: „Nous ne pouvons pas

changer d'un jour à l'autre la législation et ses normes, mais nous pouvons intégrer cet enfant dans la vie quotidienne du couple et de son entourage en lui attribuant sa propre identité. Ceci devrait permettre de dépasser la mort de l'enfant, sans l'oublier, et d'inscrire cet enfant à sa place dans l'histoire psychique des parents et de la famille."

Här President, mir kënnen vläicht net vun engem Dag op deem aneren déi Législatioun änneren, mä dat ass awer kee Grond fir deem Wonsch, dee wierklech legitim ass, net Rechnung ze droen, a mir wäerte jo am Kontext vum Projet de loi 4843 drop zrëckkommen, wann dee Projet de loi da sollt nach zu méi enger verdéiftener Diskussioun kommen, well anscheinend ass et jo esou, dass de Statsrot deem net immens positiv aviséiert huet.

Et kann een awer elo schonn d'Fro opwerfen, ob dann deem Text vum Projet de loi, deem do virgesinn ass, méi wéi dee vun dëser Proposition de loi, där hiren Objet jo och méi begrenzt war, eigentlech akzeptabel ass, ob dee wäit genuch geet. Mir haten och ganz kuerz an der Kommissioun schonn eng Kéier iwwert deem Thema hei geschwat, an ech wëllt drun erënnere, dass notament den Här Santer proposéiert hat, mir kéinte vläicht an deem Kontext eng Motioun maachen, wou mer déi verschidden Aspekter vun där Problematik hei nach eng Kéier géife beliichten an d'Regierung invitéiere fir an deem Domän fir méi eng akzeptabel Situatioun fir d'Elteren ze suergen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- D'Regierung huet scho schréfflech matgedeelt, dass se mat der Zilsetzung vun dëser Proposition de loi d'accord ass.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domadder war dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo zur Presentatioun vun der Proposition de loi 4969 vun der Madame Lydie Err iwwert d'Médiation civile. Agedroe si bis elo schonn: déi Häre Santer, Bettel an Henckes. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, déi honorabel Madame Lydie Err.

6. 4969 - Proposition de loi portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de Procédure Civile

Présentation

Mme Lydie Err (*LSAP*), *auteur*.- Merci, Här President, och wann ech keen Auteur sinn, an och wa meng Proposition de loi net nëmmen ëm d'Médiation en matière civile geet, mä och iwwert d'Matière commerciale, da soen ech awer trotzdem merci fir d'Wuert.

D'Médiatioun, Dir Dammen an Dir Hären, dat wësst Dir esou gutt wéi ech, ass in, och zu Lëtzebuerg, well et sinn a kuerzer Zäit op e puer Plazen Zentralen ageriicht ginn, déi sech mat Mediatioun beschäftegen, esou zum Beispill - an dat war deem éischte Centre de médiation - op der Gare, vum Familljeministère virun zwee Joer offiziell ageweit. D'lescht Joer ass de Centre de médiation vum Barreau entstan, de Médiateur vum Stat hu mer hei viru Chrëschtadam d'lescht Joer gestëmmt. A mir hunn och - an dat si mer gewuer gi bei den Debatten zur Virbereedung zur Debatt vum 8. Mäerz - d'Médiatioun an de Schoulen, Proffen-, Schülermediatiounen an Ähnlech.

Doriwwer eraus hu mer och zu Lëtzebuerg een eenzegt Gesetz de Moment, e Gesetz iwwert d'Médiation pénale, an actuellement e Projet de loi bei der Reform iwwert den Divorce, wou och zu Lëtzebuerg formell gesinn d'Médiation familiale soll agefouert ginn. All dat géing drop schlësse loosse, dass gewosst ass vu wat mer schwätzen, an ech wollt awer mat lech zesumme kucken, ob dat de Fall ass. Ech sinn nämlech därer Meinung net.

Ech zweiwelen dorunner, well ech zum Beispill ëmmer erëm an Texter iwwer Mediatioun déi däitsch Iwwersetzung „Schlichtung“ liesen, während Schlichtung op Franséisch „arbitrage“ heescht, während Arbitrage heescht, dass e Mënsch do sëtzt, deem dann definitiv, wa keen Accord kënnt, eng Décisioun hëlt, wat bei der Mediatioun net de Fall ass, wou am Viraus bei engem Vertrag kann ofgemaach ginn, dass en Arbitrage kënnt, wat bei der Mediatioun och de Moment net de Fall ass, wat awer méiglech ass. Bref, et gëtt Begrëffsverwieselungen, déi drop hiweisen, dass d'Tatsaach, dass iwwer eppes geschwat gëtt, net heescht, dass ee weess, vu wat ee schwätzt.

Och mat Transaktioun, mat Négociatioun a mat Conciliatioun gëtt d'Médiatioun ëmmer erëm verwieselt, an deem, deem d'Ennerscheeder vun deene verschiddene Begrëffer mat der Mediatioun wëllt wëssen, dee kann dat a menger Proposition noliessen, well et ass leider e bësselche kuerz hei fir all déi Detailler opzezielen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Wat ass Mediatioun? Ech probéieren ausser der franséischer Definitioun, déi sech och a menger Proposition deelweis erëmfënnt, eng mëndlech Explikatioun dozou ze ginn, an zwar kéint een et définéieren als eng confidentiel - an dat ass wierklech dat éischt an dat wichtegst Wuert - Diskussioun vu wéinstens zwee Leit, déi e Problem hunn oder engem Problem wëlle virbeugen, zesumme mat engem Drëtten, deem onofhängeg, onparteiessch a qualifizéiert ass, fir zu engem Resultat ze kommen, wat vun deene Leit, déi de Problem hunn, akzeptéiert gëtt. Dat Resultat muss erreecht ginn, ouni dass de Médiateur, dee weder e Richter nach en Arbitrer ass, iergendeppes an deem Kontext kann imposéieren.

Dat ass oder dat schéngt op jidde Fall eng relativ laang Definitioun ze sinn. En fait ass et eng Beschreibung vun engem Konzept, dat all déi indispensable Konditiounen, déi eng richtig Mediatioun viraussetzt, a sech begräift. Dat heescht awer och, dass d'Leit an der Mediatioun sech selwer ëm hir Problemer këmmere amplat dës Problemer ze delegéieren, sief et op eng Assurance oder beispillsweis op e Gericht, an esou gesinn ass d'Médiatioun net nëmme wéi am Kontext vun der gerichtlicher Mediatioun e Moya fir d'Gerichter ze entlaaschten, mä et ass virun allem och e Moya fir d'Biergerinnen an d'Bierger ze emanzipéieren, hir eegene Problemer selwer an de Grapp ze huelen, dat heescht d'Léisung vun hiren eegene Problemer selwer an de Grapp ze huelen.

An dat ass, Här President, och d'Ursaach firwat menger Meinung no d'Médiatioun soll formell an e Gesetz ageschriwwen ginn, net well een ouni Gesetz eng Mediatioun net ka maachen, mä well een nëmme mat engem Gesetz eng propper an eng konform zu de Prinzipie geregelt Mediatioun ka maachen, an dofir dës Initiativ.

Wat sinn d'Effete vun der Mediatioun? Ier ech op de Gesetzestext selwer wëll agoen, ganz kuerz gesot, éischstens, d'EEgeverantwortung bei der Léisung vun de Problemer ze förderen. Et ass also eng emanzipatoresch Bestriewung. Zweetens, de Respekt virun engem aneren, virun engem Adversaire ze prônéieren an doduerjer am Fong

de Lien social an der Gesellschaft tëschent Leit, déi Problemer hunn, ze verstärken. Ech mengen, dass dat eleng eng Ursaach war, déi duer géif goe fir Efforten ze maachen, fir dës Mechanismus an d'Praxis ëmzesetzen.

Drëtten Effet vun der Mediatioun war fir méi schnell Léisunge vu Problemer ervirzebréngen wéi dat un de Gerichter leider de Fall ass. E véierten Effet war et en Traitement vun de Konflikter unzestriewen, deem iwwert den Aspect juridique erausgeet. Esou ass zum Beispill bei engem Divorce, deem iwwert d'Gericht geet, net ee Moment reservéiert fir d'Emotiounen, déi jo zweifelsohne all Opléisung vun enger Beziung mat sech bréngt, zur Sprooch kommen ze loosse, dat heescht also och, dass wann eng Léisung bei enger Mediatioun erauskënnt een dovunner ausgoe kann, dass se, well se selwer fonnt a selwer akzeptéiert ginn ass, och an der Zäit méi dauerhaft a méi onproblematesch an der Exekutioun ass.

Fënneften Effet wier d'Aspuere vun Aarbecht op de Richter, Ofkierzung vun den Délaië fir bäizekommen. Dat ass en Effet, wéi gesot, mä dat kann net den Zweck vun der Operatioun sinn. A schlussendlech wier et méi eng grouss Zefriedenheet vun de Justiciable vis-à-vis vun de Méiglechkeeten, déi de Stat zur Verfügung stellt, fir d'Problemer iwwer e Wee ze léisen, deem hinne vläicht méi no geet wéi dat de Moment op den Tribunal gemaach gëtt, wéi et eigentlech och op de Richter, esou wéi d'Prozedur sinn, net aneschtens méiglech ass.

D'Entlaaschtung vun de Richter ass en Effet, dee wëschenswäert an ze begreifen ass, mä et kann net den Zweck vun engem Gesetz si wat een an dëser Matière mécht.

Éischtens geet et drëm d'Médiatioun esou ze organiséieren, datt se all Konditiounen erfëllt, déi Garantie stellen, dass d'Médiatioun net instrumentaliséiert gëtt zu enger Verkierzung vun den Délaië vun den Affären um Gericht. Dat heescht, dass verschidde Konditiounen mussen erfëllt sinn an ech wëll déi kuerz opzielen, an zwar sinn et der fënnef.

Éischtens muss se, an dat wëll ech ennersträichen, ëmmer och um Gericht volontaire sinn a si därf ni imposéiert ginn, well soss op jidde Fall de Risiko besteet, dass d'Médiatioun degeneréiert zu enger Justice des pauvres, dass déi richtig Gerichter nëmme géife befaasst gi mat deene seriösen Affären, dat heescht, den Affäre vun deene Leit, déi sech kënnen laang a schwieereg an deier Prozesser leeschten, während d'Médiatioun géif deenen opgezouwene kënnen ginn, déi eben déi Moyenen net hätten. Dat kann an dat dierf et net sinn, well soss wier et eng Dénaturatioun vun der Mediatioun.

Zweetens muss de Médiateur onofhängeg an onparteiessch sinn, dat heescht, hie muss finanziell, institutionell an och wat d'Lokaler ubelaangt getrennt vun de Gerichter schaffen an oprieden, fir dass keng Konfusioun tëschent de Rolle vum Richter, vum Arbitrer a vum Médiateur kann opkommen.

Drëttens mussen net nëmmen d'Leit, déi Problemer hunn, mä och de Médiateur selwer ëmmer d'Fräiheet hu sech lasszemaache vun enger Mediatioun wann eng vun de Konditiounen him schéngt an der Mediatioun net respektéiert ze ginn. Déi drëtt Konditioun ass, dass de Médiateur kee Richter ass an dofir och kee Pouvoir kann hunn. En därf also net nëmmen näischt décidéieren, e kann och nach manner eng Léisung imposéieren. Dat heescht, dass dee Fräiraum fir d'Leit grouss ass haus-

gemaache Léisunge fir hir Problemer ze fannen.

Déi véiert Konditioun ass d'Confidentialité vun enger Mediatioun, well dat ass de groussen Avantage ouni deem näischt ka passéieren, well kee Mënsch seet an enger Mediatioun aner Saache wéi um Gericht, wann en net d'Garantie huet, dass dat wat en do seet, herno an engem eventuelle Prozess en cas d'échec kënnt géint e verwant ginn. Dat heescht och, dass d'Confidentialité net nëmmen op de Leit läit, mä och um Médiateur, deem ni kann zitéiert ginn als Zeien no deem eng Mediatioun échouéiert ass, esou dass e seng Neutralitéit a säin ausstehende Charakter ka bewahren.

De fënnefte Punkt ass, dass an all Mediatioun et muss eng Prozedur ginn, déi garantéiert, dass déi Leit, déi Problemer hunn an déi diskutéieren, een esou laang wéi den anere schwätze kann, nogelauschtert kritt an dass jidderee sech am Respekt virun deem aneren ausdréckt. Och muss opgepasst ginn, dass d'Sproochzäit net deem een oder deem anere Mënsch, deem do diskutéiert, de Mediéierten defavoriséiert.

Zum Gesetz selwer e puer Punkten am Schnellverfahren. Ech proposéieren an de Code de procédure civile en neit Kapitel anzuschreiwene am Buch 4, wat géif heeschen „La Médiation“ a wou e puer Moosnamen opgezielt ginn an deem Gesetz. Ech mengen, et sinn der siwen.

1. Dass d'Médiatioun ëmmer méiglech, mä ni obligatoresch ass, dat ass den Artikel 1.

2. Dass een, deem als Médiateur muss schaffen, en Agrément ministériel huet a fir deem ze kréie verschidde Konditiounen muss erfüllen. Déi Konditiounen, déi erfëllt ginn, géifen sech an engem Serment erëmispigelen, deem dann och virun dem zoustännege Minister géing ofgeluecht ginn. Wat wichtig ass an deem Artikel, dat ass, dass fir den Agrément ministériel e Critère de formation virgesinn ass an dee Critère de formation sech net op eng Profession d'origine bezielt, mä virun allem op eng Formation op d'Médiatioun. Dat heescht also, dass ganz kloer och pluridisciplinaire hei kënnen Agrémenten ausgedeelt ginn. Et ass ee vun den Interéte vun dësem Mechanismus par rapport zu der Justiz.

3. Steet an deem Gesetz dran, dass de Médiateur muss indépendant an impartial sinn, dass e selwer keng Pressiounen därf ausgesat sinn an och selwer keng Pressiounen därf u seng Médiéierte weiderginn, fir zu engem Resultat wëllen ze kommen, well ob e Resultat kënnt oder net, därf en eigentlech als impartialen Médiateur net interesséieren. Hien oder hatt ass nëmme responsabel fir de Prozess, net fir d'Resultat vun dësem Prozess.

4. Muss och bei der Mediatioun eng Assistance judiciaire virgesi sinn, fir dass et net esou ass, dass d'Leit missten, wa se an d'Médiatioun ginn a sech wëllen also selwer ëm d'Léisung vun hire Problemer bekëmmere, selwer bezuelen, während wa se géifen op d'Gerichter streide ginn, se d'Assistance judiciaire hätten. Ech sinn der Meinung, dass och hei misst d'Médiatioun an d'Assistance judiciaire Aféierung fannen an esouguer ouni Considératiounen, wat d'Revenuen ubelaangt, wann et fir déi éischt Sëtzung ass, wou et just drëms geet fir d'Leit ze informéieren wat an der Mediatioun da soll geschéien, fir dass se sech kënnen en connaissance de cause décidéieren, ob oder ob si dat net fir sech wëllen.

5. D'Definitioun vun engem Accord en vue de médiation. Dat ass fir kloerzestellen dass déi Leit, déi eng Mediatioun maachen, wëssen op wat se sech aloossen a wat d'Konditiounen vun der Stee sinn.

6. D'Konditiounen iwwert den Accord de médiation selwer, dat heescht iwwert d'Resultat vun der Diskussioun, déi d'Médiatioun duerstellt.

7. Dës Punkt geet am Fong iwwert d'Prozedur, déi um Gericht soll sui- véiert ginn an dëser Matière. Meng Proposition wier déi fir d'Médiatioun ze behandle wéi aner Mesures d'instruction, wéi zum Beispill eng Expertise oder Ähnlech, duerch e Jugement interlocutoire gegebenenfalls oder awer iwwer eng Note au plume. Wat awer muss op alle Fall geschéien ass ze évitéieren, dass eng Mediatioun proposéiert gëtt fir d'Saachen onnéidegerweis an d'Längt ze zéien. Dofir sinn och de prezis Délaien dran, déi een net kann iwwerscreiden.

Esou wäit also déi siwe Punkten zum Gesetz selwer wat d'Médiatioun um Gericht ubelaangt. Da sinn nach dräi Punkten iwwert d'Médiatioun, déi ausserhalb vum Gericht ka stattfannen, well zu all Moment, wann een e Problem huet, beispillsweis mat sengem Noper oder mat sengem Propriétaire oder Locataire, kann een natierlech och ouni d'Gericht eng Mediatioun maachen. Och dat ass méiglech. Allerdéngs muss ee wëssen, dass deem Accord, deem do erauskënnt, keng Force exécutoire huet an dass een awer da kann op d'Gericht goen an en Accord, deem ee fonnt huet, vun engem Gericht einfach entériniere loosse. Dat wier dann e Référé, dee géif mat ganz wéineg Schmäerz a mat ganz grousser Vitesse iwwert d'Bühn goen.

De leschte Punkt iwwert d'Médiation volontaire ass deem, dass de Parquet ëmmer dann, wann eng Question d'État am Spill ass, iwwer e Recours op d'Médiatioun informéiert gëtt an och iwwert d'Resultat.

Zum Schluss vläicht ee konkret Beispill, fir lech ze erkläre wat den Zweck vun dësem Gesetz an der Praxis soll sinn. Ech froen lech e Fall ze imaginéieren, wou e Bail ass tëschent zwee Leit a wou zënter zwee Méint kee Loyer bezuelt ginn ass. Dann ass et normal, dass eventuell reklaméiert ginn ass an dann hunn d'Leit d'Flemm an da gi se op d'Gericht, besonnesch da wa se eng Assurance-recours hunn, déi dee Spaass dann och nach bezilt.

Da stellt sech eventuell eraus, dass eben de Locataire net bezilt, net well en net wëllt, mä well e beispillsweis am Chômage ass a ganz am Ufank nach seng éischt Indemnitéiten net kritt huet an dass et dann eventuell gutt ass wann de Richter d'Méiglechkeet hätt ze soenn, wëllt Der dann net emol probéieren, ob Der net eng Léisung selwer kënnt fannen, fir domadder ze garantéieren, dass déi Leit, déi jo normalerweis nach wëllen oder musse mateneen a Relatioun bleiwen an eenegermoosse gudden Terme kënnen bleiwen an dass se hir Problemer eventuell selwer arrangéieren.

(Interruption)

Meng Fraktioun huet nach zéng Minuten, Här President, a vu menger Fraktioun schwätzt soss keen. Ech sinn awer trotzdem direkt fäerdeg.

Ech denken dofir, datt et wichtig ass net nëmmen a Matière am Zivil, wéi am Divorce, bei Liquidatiounen, bei Besuchsrecht, bei Kanner oder Ähnlechem de Leit selwer ze hëllefen zu enger Léisung ze kommen, wéi vun engem Gericht eng DIN-A4-Décisioun imposéiert ze kréien. Dann hu mer och eng Garantie, dass duerno net erëm gestridde gëtt iwwert d'Exekutioun oder Rappel gemaach gëtt iwwert d'Décisiounen, déi imposéiert gi sinn.

Ech denken dofir, dass et wichtig ass, dat Konzept vun der Mediatioun un d'Leit ze bréngen, well net nëmmen d'Leit eppes dobäi ze gewannen hunn, mä och d'Justiz, well et ganz kloer ass, an dat geet aus